ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 25. Juli 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Den 1. Mäerz 2020 soll den ëffentlechen Transport gratis ginn. Dëst huet ganz sécher och en Afloss op verschidden Aarbechtsplazen, speziell vun deene Leit, déi bis duer fir de Verkaf oder d'Kontrolléiere vun de Billjeeën zoustänneg sinn.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Huet den Här Minister eng konkret Zuel, wéi vill Aarbechtsplazen hei betraff sinn?
2. Ginn et scho konkret Pläng, op wat fir Aarbechtsberäicher déi betraffe Leit an Zukunft verdeelt ginn?
3. Fir déi international Zuchverbindunge mussen och an Zukunft weiderhi Billjeeë verkaf ginn. Op wat fir Garen oder Point de Venten am Land ginn dës Billjeeën dann ugebueden?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten